D'FLASSA huet fir d'Saison 2020 zwee O2Rescue Rucksäck kaaft. Si stinn den Daucher aus den affiliéierte Clibb zur Verfügung. E Rucksak ass zanter dem 18. Mee 2020 an de Vestiaire vun der Base nautique Lultzhausen installéiert.

Am Büro vun der FLASSA kann en zweeten O2Rescue Rucksak vun den affiliéierte Clibb fir Veräinsaktivitéiten ausgeléint ginn.

Zwee Defibrillatoren zu Lëltz (Lultzhausen)

Op Ufro vun der FLASSA huet de Sportsministère en ëffentlech zougänglechen Defibrillator un der Baussemauer vum Poste de Secours vum CGDIS installéiert, deen zanter dem 29. Mee 2020 operationell ass.

En aneren ëffentlech zougänglechen Defibrillator hänkt um Pomjeesbau zu Lëltz an der Driicht.

Dat komplett Dokument " O2 Rescue Rucksäck " kann an der Rubrik Documents erofgeluede ginn.